adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N°6453
Reçu le 06.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.07.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Juli 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Am Artikel 21 vum Gesetz vum 25. Juni 2004 "portant organisation des lycées et lycées techniques" gëtt d'Prozedur am Zesummenhank mam "Conseil de discipline" (fréier bekannt ënner der Bezeechnung "gréngen Dësch") erkläert. Et ass kloer, datt esou een Disziplinarrot een entscheedenden Impakt net nëmmen op déi schoulesch Karriär vum Schüler, mee och op déi ganz Schoulcommunitéit kann hunn.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Wéi vill Disziplinarréit gouf et am Schouljoer 2021/2022 an de Lëtzebuerger Lycéeën? Aus wéi enge Grënn goufen dës Disziplinarréit aberuff a wéi eng Moossname goufen decidéiert?
2) Wéi huet sech d'Zuel vun den Disziplinarréit an de Lëtzebuerger Lycéeën an technesche Lycéeën an deene leschte Joren entwéckelt?
3) Wéi vill Schüler sinn an deene leschte Joren, a besonnesch och am Schouljoer 2021/2022, vun hirer Schoul verwise ginn?
4) Wéi ass d'Opdeelung vun dëse Renvoien no Geschlecht an Alter?
5) Wéi vill Decisioune vun den Disziplinarréit sinn an deene leschte Joren, a besonnesch och am Schouljoer 2021/2022, annuléiert gi vun der Beruffungskommissioun ("commission de recours")?
6) Wéi oft ass déi Kommissioun ugefrot ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6453 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Am Schouljoer 2021-2022 sinn 286 Disziplinarréit (Conseils de discipline) an de Lëtzbuerger Lycéeën aberuff ginn; 209 Mol ass eng Schülerin oder e Schüler doropshi vun der Schoul verwise ginn.

Dës Disziplinarréit goufen aus follgende Grënn aberuff, sou wéi et am Artikel 43 vum Lycéesgesetz (*Loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées*) virgesinn ass:

- *voies de fait, incitation à la violence, menace et actes de violence commis à l'égard d'un membre de la communauté scolaire ;*
- *insulte grave ;*
- *atteinte aux bonnes mœurs ;*
- *port d'armes ;*
- *harcèlement moral ou sexuel ;*
- *vol dans l'enceinte du lycée ou lors d'un déplacement scolaire ou d'une activité périscolaire ;*
- *faux en écriture, falsification de documents ;*
- *refus d'observer les mesures de sécurité ;*
- *déclenchement d'une fausse alerte ou annonce d'un danger inexistant avec l'intention de déclencher une fausse alerte ;*
- *détention ou consommation ou trafic, dans l'enceinte du lycée, de stupéfiants prohibés ;*
- *absence injustifiée des cours durant plus de soixante leçons au cours d'une même année scolaire ou plus de trente leçons pour les élèves des classes concomitantes ;*
- *trois exclusions, pendant une même année scolaire, de tous les cours pour chaque fois au moins une journée.*

**Ad 2) an 3)**

D'Zuel vun den Disziplinarréit ass an deene leschten dräi Jore liicht an d'Luucht gaang.

D'Zuele vum Schouljoer 2019-2020 mussen allerdéngs relativéiert ginn, well de Presenzunterrecht an de Schoulen dat Joer zäitweis net konnt stattfannen, dëst opgrond vun der Pandemie.

| ***Schouljoer*** | ***Zuel vun den Disziplinarréit*** | ***Zuel vun de Schoulverweiser*** |
|---|---|---|
| 2019-2020 | 161 | 112 |
| 2020-2021 | 221 | 161 |
| 2021-2022 | 286 | 209 |

**Ad 4)**

D'Donnéeën, déi eis vun de Lycéeën iwwermëttelt ginn, erlabe keng Opdeelung no Geschlecht an Alter.

**Ad 5) a 6)**

D'Beruffungskommissioun (Commission de recours) ass am Laf vum Schouljoer 2021-2022 16 Mol saiséiert ginn; 13 Mol ass d'Decisioun vum Renvoi confirméiert ginn, 3 Mol ass se annuléiert ginn.

| ***Schouljoer*** | ***Zuel vu Saisinnen*** | ***Confirmatiounen*** | ***Annulatiounen*** |
|---|---|---|---|
| 2019-2020 | 4 | 2 | 2 |
| 2020-2021 | 8 | 6 | 2 |
| 2021-2022 | 16 | 13 | 3 |

Lëtzebuerg, den 2. September 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH